PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Wirtschaft & Landwirtschaft weiderzeleeden.

Verschidden Déiereschutzorganisatiounen, wéi zum Beispill den *Tierschutzverbund* an Däitschland, fuerdere scho säit Joren den Asaz vun enger Déiereschutzkennzeechnung fir Déiereprodukter, déi op héijen Déiereschutzstandards foussen, ze kennzeechnen. Enger Etüd vum Eurobarometer no, op déi sech den *Tierschutzverbund* berifft, ass ee Groussdeel vun de Konsumenten sech bewosst, dass hiert d'Kafverhalen een Afloss op den Déiereschutz huet. Wéi d'*Bundeszentrum für Ernährung* op hirer Website matdeelt, wäert déi däitsch Regierung fir 2020 ee Label fir d'Déiereschutzkennzeechnung op de Wee bréngen.

Ech erënneren d'Regierung dorun, dass si am Koalitiounsaccord bekräftegt huet hiert Engagement am Déiereschutz weiderhin héichzehalen (Säit 194 vum Koalitiounsaccord).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert och d'lëtzebuergesch Regierung fir een Déiereschutzlabel asetzen ?
    - Falls jo,
        - wäert Lëtzebuerg sech der däitscher Initiative uschléissen oder een eegent Gesetz op de Wee bréngen?
        - wäert d'Regierung mat den heemeschen Déiereschutzorganisatioun zesummeschaffen, fir d'Kritäre vum Label festzeleeën?
    - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député